



**Äntwert vun der Kulturministesch Sam Tanson op d'parlamentaresch Fro n° 6285 vum 1. Juni 2022
vum Här Deputéierte Fred Keup**

Am Interview vun der Dageszeitung *Le Quotidien* vum 30. Mee 2022, op deen den Honorabelen Deputéierte sech berifft geet Riets vun enger *Charte de bonnes pratiques*, déi de Réseau Europa Film Festivals am Gaangen ass auszeschaffen. De Réseau Europa Film Festivals ass een nach jonken Zesummeschloss vun europäesche Filmfestivaler, déi sech an hirer Ausriichtung, an hirer Envergure an an hirem Fonctionnement gläichen. Dass de Luxembourg City Film Festival (LCFF) an deem Réseau opgeholl gouf, mat ronn enger Dosen ähnelche Festivaler, wéi deem vu Belfast oder Galway an Irland, oder nach deene vun Reykjavik, Hamburg, Bordeaux oder Genève, ass u sech schonn eng immens gutt Nouvelle fir eise Festival. Et ass awer och eng gutt Nouvelle fir ons Filmschaafend, déi esou indirekt mat an dat Netzwierk erakommen. Ech well och ënnersträichen, dass de kënschtlereschen Direkter vum LCFF, den Alexis Juncosa, zanter dësem Fréijoer dee Réseau och presidéiert – wat e weideren Hiwäis op hir Unerkennung an hire Seriö ass.

Dës *Charte des bonnes pratiques* ass en Dokument dat aus dem Wëllen entstanen ass, vun de Festivaler u sech, mee och vun de Verkeefer vu Filmer - déi och e Réseau hunn -, fir hir Geschäftsrelatiounen, déi bis elo meeschtens mëndlech verlaf sinn, ze verschrëftlechen an ebe "gutt Praxisen" festzehalen. Do geet et em ganz vill verschidden Elementer, vun technesche Standarden iwuer ufalend Käschte bis béi e korrekten Ëmgang mateneen – elauter Themen, déi duerchaus hir Wichtigkeet hunn, awer op kee Fall d'Programmation vun de Festivaler betreffen. Dës bleift natierlech bei deene jeeweilege kënschtlereschen Direktiounen an dat ass och esou an deem Dokument festgehalen.

D'Charte déi de Réseau *Europa Film Festivals* amgaangen ass auszeschaffe stellt deemno absolut keen Agrëff an d'Konscht- oder an déi kommerziell Fräiheeten duer.

Esou wéi ech dat a mengen Äntwerten op viregt parlamentaresch Froe betount hunn, setzen ech mech weiderhi fir d'Meenungs- an d'Konschtfräiheet an, esou wéi se an eisem Rechtsstaat garantéiert sinn.

Lëtzebuerg, den 30, Juni 2022.

D'Kulturministesch

(s.) Sam Tanson